PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/08/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien, Digitalisatioun & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

A sengem Urteel vum 16te Juli 2020 huet den Europäesche Geriichtshaff den EU-US-Dateschutzschild (Privacy Shield) fir ongëlteg erkläert. Domadder verléieren all d'Datentransferten tëschent der EU an den USA, déi hier Legalitéit duerch d'Decisioun vun der EU-Kommissioun vum 12te Juli 2016 haten, hier legal Dosinnsberechtegung. D'Urteel vum EuGH féiert dozou, dat de Privacy Shield iwwerduecht muss ginn an, datt an der Tëschenzäit illegal Datentransferte vun den EU-Memberlänner ënnerbonne ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Erkennt d'Regierung d'Urteel vum EuGH un? Falls jo, wéi eng Konsequenze wäert si doraus zéien, fir dat keng Benotzerdonnéeë méi vu Lëtzebuerg an d'USA transferéiert kënne ginn?

2. Ass garantéiert, datt all staatlech Instanzen dem Uerteel Rechnung droen a keng Plattformen, Outilen oder Logicielle benotzt ginn, déi Daten illegal an d'USA iwwerdroen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député